N°7583
Entrée le 10.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Am Oktober 2006 gouf den Aktiounsplang eSanté vun der deemoleger Regierung ageleet. Den Dossier de Soins partagés (DSP) vun der Agence eSanté sollt deen éischten digitale Patientendossier sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Weekly Users (Patienten) huet den DSP am leschte Joer gehat (opgelëscht no Woch)?
2. Wéi vill Weekly Users (Professioneller) huet den DSP am leschte Joer gehat (opgelëscht no Woch)? Wéi vill vun dësen Accèse goufen et vun Dokteren a Personal aus de Spideeler? Wéi vill vun Dokteren a Personal ausserhalb vun de Spideeler?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten